Fédération Luxembourgeoise des Pêcheurs Sportifs A.s.b.l.

placée sous le Haut Patronage de S.A.R. le Grand-Duc Jean de Luxembourg
affiliée à la C.I.P.S. et au C.O.S.L.

President
PAULUS Claude
76, rue de Larochette
L- 9254 Diekirch
Tél: 621 746283
clfrpg@pt.lu

Section de Compétition des Vétérans

Compte:
LU 05 1111 7011 9983 0000 CCPLLULL

Sekretär
RETTER Marc
8, rue de l'Indépendance
L- 5488 Ehnen
Tél: 621 130046
marcoretter@gmail.com

Déi dëssjäreg Generalversammlung ass am Lokal vum Dikrecher Fussball ofgehale ginn. Et haten sech vill Memberen afonnt fir den Joresbericht vun der Sektioun nozelauschteren.

An senger Usproch huet den Vize-President Dan Schleich all d' Memberen begréisst. Hien huet den Dikrecher Kollegen villmools Merci gesot dass GV an hirem Lokal kann ofgehalen ginn an dass se sech och em Bekäschtegen vun den Leit géien bekëmmeren. Den Dan huet dunn dem Sekretär Marc Retter e klengt Geschenk iwwerreecht an him villmools Merci gesot fir déi 4 Joer wou hien Sekretariat geleet huet.

Duerno huet den Sekretär Marc Retter den Tätegkeetsbericht virgelies. Hei huet hien betount dass déi gutt Stëmmung déi ënner de Fëscher an der Sektioun war, net méi do ass.

An enger emotionaler Ried huet hien dunn virgedroen firwat dass hien als Sekretär gekënnegt huet. Hien huet déi Leit opgeruff déi 2018 sou vill ze kritiséieren haten, den Courage ze hunn an sech an den Virstand ze mellen fir et dann besser ze maachen.

Den Keesebericht vum Raymond Schertz war esou detailléiert dass den Keesserevisor Claude Paulus him eng super Aarbecht konnt bescheinegen. Versammlung huet dunn dem Raymond Schertz mat engem Applaus Entlaaschtung ginn.

Duerno huet den Vize-President Dan Schleich Wuert erëm geholl an en Appell gemaach dass Memberen sech sollen an den Virstand mellen fir do eng Aarbecht ze iwwerhuelen. Et louchen mëttlerweil nach 2 Demissiounen um Dësch. Dem Raymond Schertz als Keessier an dem Mett Schmitt als Member.
Et war eng Kandidatur vum Jean-Claude Dellere fir als Member vum Comité ageréicht ginn.

No heftegen Diskussiounen a kenger Léisung huet den Dan Schleich dunn der Versammlung proposéiert eng Paus vun 10 Minutten ze maachen dass jiddereen sech emol soll Gedanken maachen wéi et soll wieder goen mat der Sektioun.

No dëser Paus ass et dunn séier gaangen. Den Dan huet der Versammlung eng Propositioun gemaach. Deen ale Comité géing wieder fueren wann en vun der Versammlung géing bestätegt ginn. 18 Leit hunn dofir gestëmmt géint 2 Neestëmmen. Den Jean-Claude Delleré ass an den Comité opgeholl ginn.

Mëttlerweil louchen och 2 Kandidaturen fir de President um Dësch. Den Paulus Claude an den Welter Jean-Pol. Den Paulus Claude ass dunn mat 24 Stëmmen géint 3 Stëmmen fir den Welter Jean-Paul gewielt ginn.

Och 3 nei Keesserevisoren stoungen séier um Pabeier. Patrick Barthels, Lelé Panteghini an Steve Schonckert.

Den Dan Schleich huet dunn Diplomer un déi 3 Éischt vun all Kategorie iwwerreecht.
Master: 1. Marc Haliniak 2. Val Pletgen . 3 Marc Retter
Veteranen: 1. Ben Telen 2. Henri Tintinger 3. Serge Petro

Duerno huet den Marc Retter der Versammlung erkläert firwat Masteren net an Südafrika op WM ginn. Et waren dat 2 Grënn. D' Käschten fir Material op

Johannesburg ze kréien waren enorm an am lëschten Moment hunn 2 Leit aus dem Staf aus perséinlechen Grënn ofgesot . Sou dass Équipe (4 Fëscher) hätt missen ouni Hëllef an Südafrika untrieden.

Den Pierrot Merten huet dunn der Versammlung erkläert dass eng Équipe vun 5 Mann Lëtzebuerg op der WM vun den Veteranen an Italien zou Pisa am Canal Scolmatore géing vertrieden. Et sinn dat Guy Wintersdorff; Nico Schmit; Pierrot Merten; Emile Schaeffer an Martin Seyler. Den Dan Schleich wäert se begleeden. Hei ginn nach 2 Persounen gesicht fir eng Hand unzepaken. En Trainer an en Manager.

Am Numm vum Verwaltungsrot vun der FLPS huet den Petro Serge e puer Wuert un Versammlung gericht. Hien huet der Sektioun all Guddes an vill Erfolleg gewënscht.

Den Ofschloss huet den neie President Claude Paulus gemaach. Hien huet der Versammlung Merci gesot fir dat Vertrauen dat se him geschenkt hunn. Hien huet versprach dass en den Kritiker wäert op den Zant fillen an dass sech géing perséinlech dofir asëtzen dass an Zukunft um Championat Reglementer missen respektéiert ginn.

De President huet bestätegt dass Veteranen nach just 1 Championat géingen fëschen. Eng Trennung zwëschen Master an Veteranen gëtt just bei der Zesummensëtzen vun den Equipen fir WM gemaach. De Championat géing och nach just mat 20 – 24 Fëscher ausgedroen ginn.

Den Comité vun der Sektioun gesäit esou aus. President: Claude Paulus; Éiere-President: Arny Thomma; Vize-President: Dan Schleich; Sekretär: Marc Retter; Keessier: Raymond Schertz; Memberen: Val Pletgen; Martin Seyler; Roland Schmit; Pierrot Merten; René Quintus; Jean-Claude Delleré; Jean-Pol Welter

mr